

Deen Dag, wou den Topert a sengem Schlofsak verbrannt ass.

"Et soll ee net am Bett fëmmen", soen se – a wat fir d'Bett gëllt, ass och fir de Schlofsak wouer. mä, den Topert ka jo ni op déi aner lauschteren an enges Dages ass dat geschitt, wat net ausbleiwe konnt: Den Topert ass mat senger Zigarett ageschlof, d'Zigarett huet weidergebrannt an op eemol huet och seng Decke geflaamt an du säi Schlofsak, seng Kleeder a schliisslech hie selwer. D'Feier huet d'Personal vum Foyer alarméiert an dem Topert säi Gebrëlls huet souguer déi vun hinne waakreg gemaach, déi extra déif agenäipt waren. Si hunn alleguer hir liddereg Äersch gehuewen a sinn op de Parking gelaf. Hei, wat si (an nach puer aner Gaffer) gemaach, gesot a geduecht hunn:

D'**Ma.** rífft d'Police un, fir eng Plainte ze maachen: "Den Här Lutgen huet Feier hannert der Téistuff geluecht mat der Absicht, de Foyer unzestiechen. Duerfir muss hie wéinst versichter Brandstëftung an och wéinst Mordversuch un äis all an de Prisong!"

D'**U.** mengt: "Dat war nimools dee kllassesche Fall vu Fëmmen am Bett. Nee, nee, ech si mir ganz sécher, dass den Här Lutgen sech ëmbréngé wollt. Genausou, wéi ech dat scho virun 2 Joer virausgesinn hunn. Hätten d'Dokteren deemools hir Aarbecht gemaach an hien an der Psychiatrie gelooss, wier dat alles net passéiert."

De **Ro.** rífft engem vu senge Sklaven, dee mat engem Schlauch ugerannt kënnt, zou: "Du kanns en erëm zrëckdroen, mir kënne kee Waasser do hannen huelen. Ech hunn deemools de Krunn ofgespäert, fir sécherzestellen, dass den Hallwerweis och wierklech kee Waasser vun äis huele kann." An da wéi zou sech selwer: "Domat verbrennt hie wierklech, brauch ni wéinst dem Attentat op meng Jeep viru Geriicht a mäin Dram, dass hie fir e puer Joer an d'Geckenhaus gespäert gëtt, ass ausgedreemt."

Puer vun deenen ëmmer duuschterege **Foyers-Clients** lallen: "Jo, do hätt de Culo higeheiert. Op deen ieweschte Stack, wou een ni méi erauskënnt."

De **Pa.** hält absolut näischt vum Läschen: "Wenn er meint unsere Camionnette kaputt schlagen zu müssen, braucht er auch nicht von unserem Wasser zu profitieren. Und was fürs Nachfüllen seiner Flasche gilt, gilt natürlich auch fürs Löschen!"

Deen éierlechen a korrekte **L.** behält d'Nerven a gëtt d'Hoffnung net op. Hie rífft d'Pompieren: "Kommt séier bei de Foyer Ulysse, hei brennt et. mä, fläisst iech, wann ech gelift, soss ass deen aarme Mann verkuelt."

Den **D.** mengt: "Hie brëllt bal esou haart wéi deemools, wéi ech him d'Ambulanz wéinst sengem Houschte bestallt hunn. Iwwerhaupt hunn ech hie ni schwätzen héieren, ëmmer nëmme mat deenen anere jäizen a blären."

Nach eemol de **Pa.:** "In meiner Muttersprache sagt man: Er schreit wie am Spieß."

Dozou de **Po.:** "Makaber, wat de Pascal do seet, mä dee Verglach huet schonn eppes u sech."

Dem **N.** gefält dat alles guer net: "Net mol seng Zigarett kann ee méi a Rou fëmmen. Ëmmer dat Gejäiz. A wéi soll ech bei deem Spektakel telefonéieren?"

De **Pe.:** "Domat sinn di 148€ definitiv fir äis." An d'**Mi.:** "Net wierklech derwäert, mä fir eemol zesummen iessen ze goe geet et ëmmer duer."

St. et Be. waren och grad do. De Streetworker mat deem neien Audi rífft a sengem beschte Lëtzebuergesch: "Eng Foto! Eng Foto!" D'Stéphanie fréckelt u senger neier Mini-Jupe (et kéint jo sinn, dass nach net all Mënsch se gesinn hätt) an dréit sech ugeekelt ewech: "Mon Dieu, wéi dat sténkt!"

Den **T.** "Wéi ech scho puermol sot: Fréier gouf sou eppes direkt opgelueden a fortgefouert. Jiddefalls geet de Geck elo net méi an eis Poubelle wullen."

Dozou de **Ph.** "T'as raison; c'est mieux que personne ne voit ce que nous y jetons..."

De **Ch.** beweist, dass hien Humor huet: "A propos fortgefouert; ech huelen un, dass dat elo geschitt..."

D'**M.** aus dem Café géigeniwwer (hei di franséisch Iwwersetzung vun deem, wat hatt op Portugisesch vu sech gëtt): "Il est vraiment temps qu'il disparaît. Cela me brisait le cœur de voir des gens faire demi-tour en le voyant – au lieu de venir boire quelques Super Bock chez moi."

D'**Dussmann-Botzfraën**, wéi gewéinlech d'Zigaretten an där enger, de Becher Kaffi an där anerer Hand: "Heureusement qu'il brûle sur un terrain qui n'appartient pas au foyer. Autrement, ils auraient demandé à nous de nettoyer la merde. Voilà!"

D'**Gi.** ass sech senger Saach net ganz sécher an denkt fir sech: "Eigentlech war den Aloyse guer kee sou ee schlechte Kärel. mä, wann d'Educateursteam beschloss huet, hie wier geckeg a mir sollten dat all Mënsch erzielen, dann ass dat wahrscheinlech richtig sou..."

D'**Y.** schénkt wierklech ënnert engem Glécksstär gebuer ze sinn; hatt ass ëmmer dobäi, wann eppes Extraes am Foyer lass ass. An dach ass hatt net zefridden: "Wann den Aloyse net méi do ass, wie soll ech da provozéieren an zum Kräische bréngen?"

Nach eemol de **Ch.**, dee ganz mat senger Copine d'accord ass: "Et bleibt äis näischt anescht iwwreg, wéi een aneren ze sichen, mat deem mir de Geck maache kënnen an dee mir nom Stress vun der Mëtteschicht e bësselche quälen".

De **R. K.** gouf nach dee selwechten Owend iwwert d'Feier hannert dem Foyer Ulysse informéiert. Puer Deeg duerno, wéi hie mat sengem Kolleg, dem Procureur Général, bei enger Taass Kaffi zesumme souz, huet hien och deem d'Geschicht vu mengem trageschen Doud erzielt. An di zwee dichteg Häre ware sech eeneg: "Domat ass de Fall Aloyse Lutgen endgülteg ofgeschloss!"